ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Minister fir Verdeedegung an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Souwäit ech héieren hunn, si verschidde Policebeamte gefrot ginn, wéi si iwwer déi aktuell europäesch Droneregulatiounen denken a wéi si mat Verstéiss dogéint géifen ëmgoen. Dës Froe stinn natierlech an engem direkten Zesummenhank mat der bannenzeger Sécherheet.

Den internationale Besoin, fir sech op d'Geforen duerch deelweis autonom Waffen, wéi z.B. Dronen, déi kënnen a Kombinatioun mat oder als Vektor fir aner Waffen (dorënner eventuell och chemesch oder biologesch Waffen) benotzt ginn, ass gutt etabléiert.

Zousätzlech ass de Fortschrëtt bei der "Smart Dust Sensor Technology" (extreem kleng Sensoren), déi eventuell kënne vun Drone kontrolléiert ginn oder mat Dronen a Kontakt trieden, ee potentiell grousse Risiko fir déi national Sécherheet, awer och fir d'Protectioun vu private Persounen a vun hire biometreschen Daten. Souwuel dee méigleche Mëssbrauch vun esou neien Technologien duerch Terroristen a Krimineller wéi och ze vill nei Kontrollméiglechkeete fir de Staat kënnen engem als normalem Bierger grouss Suerge maachen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi eng Methode stinn der Police aktuell zur Verfügung, fir Verstéiss géint d'EU-Droneregulatiounen ze investigéieren? Wëll d'Regierung der Police eventuell méi a besser Moyenen zur Verfügung stellen? Wa jo, wéi eng a wéini?
2. Ass garantéiert, datt d'Arméi an d'Police ëmmer op deem neitsten technesche Stand sinn, fir Dronen, och eventuell ganz klenger, kënnen ze detektéieren? Sinn d'Formatioune bei der Arméi a bei der Police op dem ëmmer aktuellste Stand, wat d'Technologie an d'Asazméiglechkeete vun Drone betrëfft?
3. Wéi benotzt de Staat aktuell Dronen? A wéi enge Ministèren an Administratiounen, mat wéi enge Missiounen an op wéi enger rechtlecher Basis? Wéi eng Type vun Drone ginn agesat a vu weem ginn d'Donnéeën ausgewäert? Wéi ass den Dateschutz garantéiert?

4. Wéi iwwersetzen sech d'EU-Droneregulatiounen op Dronen, déi mat enger Schnëttstell fir "Smart Dust"-Sensoren equipéiert sinn? Wann déi Sensore separat pre-installéiert goufen, gëlle si dann als „Payload" oder als „Dangerous Goods"?
5. Sinn déi aktuell Dateschutz-Gesetzer modern genuch, fir d'Donnéeë vu private Persounen, hir biometresch Donnéeën, wéi och aner Daten, z. B. mat Bezuch op hir intellektuell Proprietéit, virun enger Iwwerwaachung mat oder duerch Dronen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten